



**ALEM**  
Association Luxembourgeoise  
des Etudiants en Médecine



## Zelia – Cluj-Napoca, Rumänien – 5. Joer

### August 2023 – Göteborg, Schweden

Ech sinn d'Zelia an am 9. Semester Medezin zu Cluj-Napoca, Rumänien, an ech hunn mäi SCOPE zu Göteborg gemaach an der vaskulärer Chirurgie.

Göteborg, déi zweetgréisst Stad a Schweden, ass eng Küstestad, mat engem groussen öffentlechen Transportnetz, wat eis erlaabt huet bal iwwerall hin ze goen. Den LC huet eis esouguer eng monatlech Abonnementskaart (fir Bus, Tram a Fär!) zur Verfügung gestallt fir d'Stad ze entdecken an an d'Spidol ze goen.

Vill Muséeën an aner Aktivitéite si gratis fir Studenten, dofir hu mir déi verschidde Beräicher vun der Stad an hiren Archipel entdeckt, déi mat der Fär zougängelech sinn.

Göteborg ass och praktesch mat sengem Flughafen (20 Minutte vum Stadzentrum) an der Gare, wat Oslo, Stockholm a Kopenhagen liicht zougängelech mécht.

Dann, op der Spidolssäit, ginn et 2 grouss Spideeler: Sahlgrenska an Östra. Ech hunn no bei Östra gewunnt, mee mäi Stage war zu Sahlgrenska, op der anerer Säit vun der Stad. D'Iwwernuechtung war ok, no bei Geschäfte an Bus/Tram-Arrête, mee ech hu misse mäin Zëmmer mat engem anere Meedchen deelen an d'Kichen och.

Jiddereen am Spidol war onheemlech frëndlech a gedëlleg mat mir, an d'Dokteren hunn sech d'Zäit geholl fir Fäll op Englesch fir mech ze iwwersetzen.

Ech hat e Büro fir mech anescht unzedoen a wou ech virun den Operationen e bësse liesen konnt. Ech hat een Dokter, dee fir mech zoustänneg war, awer ech konnt och ëmmer wielen, bei weem ech wéilt dobäi sinn a wat ech maache wéilt.

All Dag huet tëscht 7:45 an 8:15 Auer ugefang mat enger Versammlung, wou dat ganz Département iwwer d'Operationen vum Dag a vum Virdag diskutéiert huet, duerno konnt ech an d'Klinik goen fir Consultatiounen, op Statioun fir Moiesvisiten oder an den Operationsraum, wou ech u villen Operationen konnt deelhuele! An Allgemengen dierft ech tëscht 16 a 17 Auer heem goen.

Dëse SCOPE war eng grouss Iwwerraschung, wou ech eng flott Stad entdecken konnt, onheemlech léif Leit getraff hunn, awer och e spannenden Alldag an der Klinik erliewe konnt, wat ech nëmme recommandéiere kann!